N°1971
Entrée le 25.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Réponse de Monsieur le Ministre des Finances, Gilles Roth, et de Monsieur le Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire, Claude Meisch, à la question parlementaire n°1971 du 25 février 2025 de Monsieur le Député Marc Goergen**

1. **Wéi vill Immobilie goufen zënter 2019, opgelëscht pro Joer, op ëffentleche Steeën verkaf? Wéi vill dovunner ware Wunngebaier?**

Laut Zuele vum Enregistrement goufen zanter 2019 op ëffentleche Steeën insgesamt 1.364 Immobilie verkaf. Dovunner waren 164 Places occupées (*bâtiment à habitation, bâtiment en état futur d'achèvement, bâtiment à usage mixte*) an 117 Appartementer, verdeelt wéi follegt :

| Joer | **Total Immobilien** (*parcelles & lots individuels de diverses natures*) | **Parcelles** « *Places occupées* » | **Lots** « Appartementer » |
|---|---|---|---|
| **2019** | 243 | 26 | 19 |
| **2020** | 207 | 17 | 15 |
| **2021** | 343 | 34 | 15 |
| **2022** | 295 | 37 | 20 |
| **2023** | 141 | 23 | 25 |
| **2024** | 135 | 27 | 23 |

2. **Wat ass den Duerchschnëttsmontant, zu deem eng Wunneng versteet gouf (opgelëscht pro Joer)? Wat ass de Medianwäert?**

Den Enregistrement an och den Observatoire de l'Habitat kënnen hei keng Zuele liwweren, vu datt bei ëffentleche Steeën dacks verschidden Immobilien zesummen an engem Gesamtpräis versteet ginn, sou datt et net méiglech ass de Präis op déi eenzel Appartementer/Gebaier opzedeelen.

Fir eng Iwwersiicht ze kréien iwwer Präisser vun Terrainen a Wunnengen ass dofir generell recommandéiert op déi wëssenschaftlech Analyse vum Observatoire de l'Habitat zréck ze gräifen, déi reegelméisseg um Site www.logement.lu publizéiert an aktualiséiert ginn.

Méi spezifesch sief dobäi op de Simulator fir Appartementer higewisen, sief dat fir besteeënd Appartementer oder fir VEFA-Appartementer op der Adresse:

https://logement.public.lu/fr/observatoire-habitat/prix-de-vente/simulateur.html

Méi Detailer zu de Statistike fannen intresséiert Persounen opgeschlësselt no Gemeng ënnert dem follgende Link. An dëser Analyse ginn Annexe vun de Wunnengen, ewéi Garagen, Parkplazen a Kelleren, erausgerechent fir e méi transparenten "affinéierte" Duerchschnëttspräis vun der Wunnfläch kënnen ze presentéieren :

https://data.public.lu/fr/datasets/prix-de-vente-des-appartements-prix-affines-hors-annexes-par-commune/

D'Evolutioun vun den Appartementspräisser an de leschte Joren, gëtt op follgender Säit duergestallt. Och hei gëtt mat affinéierten Donnéeë geschafft:

https://data.public.lu/fr/datasets/?organization=57f24791111e9b0b9f2b7ee8

Fir Präisser vu Wunnhaiser anzeschätzen sief op d'Analyse vun de Prix annoncés higewisen, déi den Observatoire ënnert follgendem Link publizéiert:

https://data.public.lu/fr/datasets/prix-annonces-des-logements-par-commune/

Fir Terrainspräisser wéilte mer mei spezifesch op d'Note Nr. 32 vum Observatoire verweisen:

https://logement.public.lu/fr/publications/observatoire/note-32.html

Doriwwer eraus publizéiert den Observatoire de l'Habitat, zesumme mam Statec all Trimester eng Aktualisatioun vu Präisnivoen an -indexen, déi no wëssenschaftlech unerkannte Methoden erstallt ginn:

https://data.public.lu/fr/datasets/?organization=57f24791111e9b0b9f2b7ee8

3. **Wéi vill Euro Recettë sinn duerch d'Versteeën insgesamt an d'Staatskeesen erakomm, opgelëscht pro Joer zënter 2019? Wéi vill dovunner duerch de Verkaf vun Immobilien?**

Zanter 2019 huet de Enregistrement 339 ëffentlech Steeën verzeechent, déi insgesamt 19.898.710,48.- Euro Recettë fir all Zort Immobilien als « Droit d'enregistrement et de transcription » generéiert hunn.

De Gesamtmontant vun de Recettë verdeelt sech op déi eenzel Jore wéi follegt :

| Joer | **Unzuel vun den ëffentleche Steeën** | **Total Recetten** |
|---|---|---|
| **2019** | 61 | 1.837.417,51 |
| **2020** | 41 | 1.316.243,61 |
| **2021** | 56 | 7.120.752,47 |
| **2022** | 68 | 5.091.638,08 |
| **2023** | 59 | 1.593.414,76 |
| **2024** | 54 | 2.939.244,05 |

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth